Et ass jiddwerengem fräigestallt, entweeder dee ganze Wee (allen 8 Etappen) oder och nëmmen eenzel Etappe matzegoen.
Mat Ausnam vun där 1. Etapp sinn d'Etappen all an zwee Deeler opgedeelt, sou datt een och do nach decidéiere kann, entweeder déi ganz Etapp oder nëmmen den éischten respectiv nëmmen den zweeten Deel ze maachen.
D'Plazen, wou déi eenzel Deeler vun den Etappe fortginn, an och d'Auerzäite sinn all Kéier uginn. Et kënnt een op all déi Plaze mat dem ëffentlechen Transport (kuckt op: mobiliteit.lu).

Fir datt mir ongefëier wëssen, wéivill Leit op watfir engen Deel-/Etappe matginn, sollt Dir Iech wegl. bis den Dag virun der Etapp umellen iwwer de Kontaktformular op eiser Websäit:

www.caminosantiago.lu

Och fir d'Iessen de leschten Dag (5. Oktober) am Restaurant « L'Inconnu » zu Schengen muss een sech am Viraus umellen.

Buen camino!

Frënn vum Camino de Santiago de Compostela a.s.b.l.
Siège social: 4, rue de Luxembourg L-6750 Grevenmacher

Frënn vum Camino de Santiago de Compostela

Am Kader vun de
« Journées Européennes du Patrimoine 2024 »
proposéieren
d'Frënn vum Camino
de Santiago de Compostela

de ganze

LËTZEBUERGER JAKOBSWEE

ze goen

vum 27. September
bis de 5. Oktober 2024